




Mee 2023



# FIR IECH. MAT IECH. ZESUMME FIR D'GEMENG HABSCHT.

 Eise Walprogramm 2023

 Notre programme électoral



LËSCHT  
**4**



[habscht.csv.lu](http://habscht.csv.lu)



CSV Gemeng Habscht

# VIRWUERT

## PRÉFACE

### LÉIF AWUNNERINNEN AN AWUNNER,

Déi lescht fënnef Joer hu mir als CSV, zesumme mat den anere Kolleegen aus dem Gemengerot, ons bescht gemaach fir déi nei Gemeng Habscht virun ze bréngen, am Intressi vun den Awunner aus all onsen Uertschaften.

Mir hunn d'ëscht gemaach mat Rou, Objektivitéit an Transparenz.

Duerch de Covid an duerno Liwwer-schwierigkeiten a Präisdeierecht ass leider net alles esou séier gaange wéi mer ons dat idealerweis gewënscht hätten.

An dach krute mer vill a wichteg Projeten ëmgesat oder op d'Schinn bruecht. Ons Gemeng steet haut gutt do, och finanziell. Mir hunn d'Infrastrukture konnten ausbauen an d'Servicer fir all ons Bierger verbessern. Dir krut viru kuerzem d'Brochure „Réckbléck“

iwwert ons Aarbecht an de leschte Joren. An der heite Publikatioun stelle mir Iech ons Iddie fir d'Gemeng vu muer vir.

Wann ons Aarbecht respektiv Proposen Iech iwwerzeegen, da biede mir Iech, ons den 11. Juni ze ënnerstëtzen an Är Stëmme op der Lëscht 4 - CSV ze verdeelen.

Mir si weider motivéiert onse vollen Asaz ze ginn fir eng modern an dynamesch Gemeng Habscht, mat beschtméiglecher Liewensqualitéit fir Jiddereen.

**SERGE HOFFMANN**  
Buergermeeschter



[habscht.csv.lu](https://habscht.csv.lu)



## **CHÈRES HABITANTES, CHERS HABITANTS,**

Au cours des cinq dernières années, nous avons fait de notre mieux pour développer, ensemble avec les autres collègues du conseil communal, la nouvelle commune de Habscht dans l'intérêt des habitants de toutes nos localités.

Nous l'avons fait avec sérénité, objectivité et transparence.

Malheureusement, le Covid et ensuite les difficultés de livraison et l'inflation ont retardé l'avancement de certains projets.

Néanmoins, de nombreux projets importants ont été entrepris ou réalisés. Notre commune sort renforcée de ses premières années de fusion. Sa situation financière est saine. Les infrastructures et les équipements

communaux ont été développés. Les services aux citoyens ont été étendus.

Vous avez récemment reçu la brochure "Rétrospective" documentant notre travail des dernières années. Dans la publication d'aujourd'hui, nous vous présentons nos idées pour les années à venir.

Si vous approuvez ce que nous avons fait respectivement ce que nous proposons de faire, alors nous sollicitons votre soutien en attribuant le 11 juin vos voix à la liste 4 CSV.

Vous pourrez continuer à compter sur notre total engagement pour une commune de Habscht moderne et dynamique avec la meilleure qualité de vie possible pour chacun.

**SERGE HOFFMANN**  
Bourgmestre

# EIS WÄERTER

## NOS VALEURS

### **FIR IECH**

Mir vertrieden net d'Interesse vun eenzele Kategorien mee déi vun alle Bierger. Ons Politik ass objektiv, transparent a gerecht.

Mir maache keng eidel Versprieche. Genau wéi bis elo kënnt dir op ons Wieder zielen.

### **MAT IECH**

Mir sti fir eng biergermo an nohalteg Politik.

Ons Kandidaten hunn Erfahrung an der Gemeng an an de Veräiner a wëssen nozelauschten.

### **ZESUMME FIR D'GEMENG HABSCHT**

Mir wëllen eng Gesellschaft wou jiddereen agebonnen ass a sech wuel fillt, egal wéi en Alter, Nationalitéit oder perséinlech Situatioun. Eegebestëmmung a sozial Solidaritéit si fir ons komplementar.

### **POUR VOUS**

Nous nous engageons pour les intérêts de tous les citoyens. Équité, transparence et objectivité sont à la base de notre action. Comme par le passé, nous tenons parole.

### **AVEC VOUS**

Nous préconisons une politique proche du citoyen. Nos candidats ont acquis de l'expérience dans la commune et dans les associations et savent écouter.

### **ENSEMBLE POUR LA COMMUNE DE HABSCHT**

Nous voulons une société inclusive où chacun se sent à l'aise, quel que soit son âge, sa nationalité ou sa situation personnelle. Autodétermination et solidarité sociale sont pour nous complémentaires.



# ÄR KANDIDATEN. EIS EQUIPE

VOS CANDIDATS. NOTRE EQUIPE



Serge HOFFMANN



Chantal BOULANGER-  
HOFFMANN



Jimmy CARELLI



Patricia EWEN



Conny KONEN



Pol KONZ



Stephan KRIER



Carlo MOES



Astrid MOSEL-KNEIP



Diane  
WELTER-KARGER



Nello ZIGRAND



# GEMENG

## **ENG GEMENG** **FIR JIDDEREEN**

UNE COMMUNE POUR TOUS

### **ENG LIEWEG DEMOKRATIE MAT BIERGERBEDEELEGUNG**

Mir sti fir e mënschlecht Mateneen, eng participativ Gemeng. Mir wëllen eng Gemeng vun de kuerze Weër, ouni iwwerflësseg Bürokratie.

- Aféieren vun engem “Participative Budget”: D’Bierger entscheeden iwwert d’Benotzung vun engem Deel vum Gemengebudget a fixéieren déi prezis Projeten.
- Kanner- a Jugendgemengerot.
- Nieft de berodende Gemengekommissiounen, déi fir 6 Joer ernannt ginn, spezifesch zu engem Thema an zäitlech begrenzten Aarbechtsgruppe vun interesséierte Bierger.

### **DÉMOCRATIE LOCALE ET PARTICIPATION CITOYENNE**

Nous nous engageons pour une commune des « chemins courts », sans bureaucratie superflue. Nous défendons une commune participative, sur base de relations humaines.

- Introduction d’un budget participatif: les citoyens décident de l’utilisation d’une partie du budget communal et fixent les projets précis à réaliser.
- Conseil communal des enfants - Conseil communal des jeunes.
- A côté des commissions communales consultatives nommées pour six ans, mise en place de groupes temporaires de travail thématique composés de citoyens intéressés par un sujet particulier.

- Biergerfore fir Entscheidungen iwwer spezifesch Froen (z.B. zukünfteg Notzung vun der Gräischer Kierch déi net méi fir Gottesdénsgchter gebraucht gëtt).
- Ausbau vun der Presenz vun der Gemeng op Internet (zousätzlech Informatiounen, méi Interaktivitéit).
- Aféieren vun engem „Präis vum Benevolat“.

## INTEGRATIOUN AN INCLUSIOUN

Fir eis sinn dat prioritär Theme vum kommunalen Zesummeliewen. Mir wëllen eng Gemeng wou kee Mënsch ausgeschloss oder vergiess gëtt.

- Zousätzlech Subventiounen un d'Veräiner fir Projeten déi d'Gemengefusioun vun 2018 weider verdéiwen.
- De "Pakt vum Zesummeliewen", deen 2021 ënnerschriwwen gouf, gëtt weider an engem participative Prozess ëmgesat.
- Erweiderung vun den Informatik- an Internetkursen, déi et virun allem eise Seniore méi einfach maache sollen sech an der digitaler Welt erëmzefannen.
- Weiderféiere vun de "Sproochecaféen" fir d'Zesummeliewe vu verschiddene Kulturen an Nationalitéiten ze ënnerstëtzen.
- Promotioun vun de Nopeschfester.
- Ausbau vum barrièrefräien Zougang an den ëffentleche Gebaier mee awer och am ëffentleche Raum.

- Consultations publiques pour aider à la prise de décision sur des questions précises (par ex. l'affectation future de l'église de Greisch qui n'est plus utilisée pour le culte).
- Développement de la présence de la commune sur Internet, pour une meilleure information et interactivité.
- Prix du Bénévolat.

## INTÉGRATION ET INCLUSION

Ce sont pour nous des notions prioritaires du vivre ensemble. Nous voulons une commune où personne n'est exclu ou laissé à l'écart.

- Subventions spéciales aux clubs pour des projets visant l'approfondissement de la fusion communale de 2018.
- Le «pacte du vivre ensemble» signé en 2021 continuera à être mis en œuvre dans un processus participatif.
- Développement des cours d'informatique et d'Internet pour faciliter l'accès au monde numérique notamment pour nos seniors.
- Poursuite des «cafés des langues» pour promouvoir la cohabitation des différentes cultures et nationalités.
- Promotion des fêtes de quartier.
- Continuation du développement de l'accessibilité des espaces et des bâtiments publics.



### **PROXIMITÉ AN ADMINISTRATIV VEREINFACHUNG**

Mir wëllen eng Gemengeverwaltung déi modern, séier, effikass an no beim Bierger ass.

- D'Verwaltung an de Service Technique gi personalméisseg verstärkt, fir weider kompetent a schnell Servicer fir ons Bierger ze garantéieren.
- E Sozialservice kënnt derbäi, dee virun allem fir d'Beräicher CIPA, Jugendhaus mat de Jugendveräiner, Treff, Sozialwunnengen a bezuelbare Wunnraum zoustänneg ass.
- Ausbau vun den Online-Servicer op der Gemenge-Websäit, z.B. Onlineréservéierung vun de Gemengesäll.
- Zousätzlech Funktionalitéite fir d'App «Habscht».
- WhatsApp Grupp.

### **PROXIMITÉ ET SIMPLIFICATION ADMINISTRATIVE**

Nous voulons une administration communale qui soit moderne, rapide, efficace et proche des citoyens.

- L'administration communale et le service technique seront renforcés afin de continuer à garantir des services compétents et réactifs et de répondre efficacement aux exigences croissantes.
- L'administration sera complétée par un service social en charge notamment des volets CIPA, maison des jeunes/clubs des jeunes ainsi que des dossiers logements sociaux/abordables.
- Développement du site web et des services en ligne pour optimiser la réactivité et l'efficacité de l'administration communale (p.ex réservation en ligne de salles communales).
- Fonctionnalités supplémentaires dans l'app «Habscht».
- Groupe WhatsApp.



## SCHOULEN, MAISONS RELAISEN A CRÈCHEN

Gutt equipéiert Schoulen a  
Betreiungsstrukture mat flexibelen  
Opnameregelen si fir eis prioritär.

- D'Schoulen an d'Betreiungsstrukturen ginn un d'Entwécklung vun de Kannerzuelen ugepasst an esou ausgebaut, dass eng Opnam ouni Waardelëscht oder Zäitlimitt och an Zukunft garantéiert bleift.
- Den „Härenhaff“ zu Simmer gëtt definitiv an d'Schoul integréiert. Een neie Festsall fir allgemeng Notzung (Veräiner a Schoulsport) gëtt op dem Nopeschterrain deen d'Gemeng kierzlech kaaft huet gebaut.
- An eise Maisons Relaise gëtt et och an Zukunft qualitativ héichwäerteg, regional an nohaltig Iessen. (Qualitéitslabel: "Natur genéissen").
- D'Ëffnungszäite vun de Maisons Relaise gi vu 07:00 Auer op 06:30 Auer no virgeréckelt, fir deenen Elteren entgéint ze kommen déi méi ee laangen Aarbechtswee hunn. Eng Verlängerung owes bis 19:30 Auer ass och méiglech wann d'Nofro do ass.
- D'Maisons Relaise bleiwen d'ganzt Joer op, och an der Wantervakanz.
- D'Gemeng wäert d'Hausaufgabenhëllef déi rezent vum Educationnsministère an de Maisons Relaisen ugekënnegt ginn ass, eventuell mat der Bedeelegung vu Fräiwëllegen z.B. Jonker mat där néideger Formatioun, ergänzen.
- De Programm "iPads an de Schoule" gëtt weider gefouert.

## ECOLES, MAISONS RELAIS ET CRÈCHES

Des écoles parfaitement équipées et  
des structures d'accueil avec des règles  
d'admission flexibles sont pour nous une  
priorité.

- Nous agrandirons et adapterons les écoles, les maisons relais et les crèches au nombre croissant d'enfants afin que l'admission sans liste d'attente ni limite de temps continue à être garantie.
- Le «Härenhaff» à Septfontaines sera définitivement intégré à l'école. Une nouvelle salle à usage polyvalent pour les associations et le sport scolaire sera construite sur le terrain adjacent récemment acquis par la commune.
- Les maisons relais continueront à proposer des repas de qualité, régionaux et durables (label de qualité «Natur genéissen» établi et contrôlé par le SICONA).
- L'heure d'ouverture des maisons relais sera avancée de 07h00 à 06h30 afin de tenir compte des trajets parfois longs des parents pour se rendre au travail. Une prolongation en soirée jusqu'à 19h30 est envisagée si nécessaire.
- Les maisons relais resteront ouvertes toute l'année, y compris pendant les vacances d'hiver.
- La commune complétera l'aide aux devoirs dans les maisons relais, annoncée récemment par le ministère de l'Education nationale, en faisant éventuellement appel à des bénévoles munis du bagage pédagogique et scolaire adapté.
- Poursuite du programme «iPads dans les écoles».



## JUGEND

- Zousätzlech Personal am Jugendhaus fir déi individuell Betreuung an Ënnerstëtzung ze verdéiwen.
- Ënnerstëtzung fir Veräiner, déi e besonnesche Wäert op Jugendprojete leeën.
- Formatiounen an Hëllef fir d'Schreiwe vu Kandidaturen fir eng Aarbechtsplaz, fir d'Virstellungsgespräicher a.s.w.
- D'Méiglechkeet Gemengesäll fir privat Feieren (z.B. Gebuertsdeeg) ze lounen gëtt ausgebaut, woubäi d'Prioritéit fir d'lokal Veräiner bestoe bleift.
- Aféierung vun engem vun der Gemeng subventionéierten «Nightrider-Bus».
- D'Gemeng offrëiert am Kader vun hire Méiglechkeeten Léier-a Stageplazen.
- Snack-Restaurant (Style Kebab), wéi en am Jugendforum gefrot gouf.

## POUR NOS JEUNES

- Personnel supplémentaire dans la maison des jeunes pour renforcer l'encadrement et l'accompagnement individuel.
- Soutien aux associations qui accordent une importance particulière aux projets qui concernent les jeunes.
- Formations et aides pour la rédaction de lettres de motivation, les entretiens d'embauche etc.
- Extension de la possibilité de louer des salles communales pour des fêtes privées (p.ex. anniversaires), tout en garantissant la priorité aux associations locales.
- «Nightrider» subventionné par la commune.
- Postes d'apprentissage et de stage, dans la mesure des possibilités de l'administration communale.
- Offre de restauration rapide (type kebab) comme souhaitée lors du forum des jeunes.



## SENIOREN

Mir wëllen eis Senioren encouragéieren an ënnerstëtzen, fir dass si och weiderhin um öffentleche Liewen an eisen Uertschaften deelhuefen.

- D'Maison des Générations huet sech als Treffpunkt vun de Generatioune gutt entwéckelt mat 3.000 Visite pro Joer. D'Aktivitéiten am "Treff" ginn no den Iddien a Virschléi vun de Visiteuren weider ausgebaut.
- De CIPA an dat ugrenzend "Betreit Wunnen" sinn am Bau. Leider hunn eis Liwwerengpäss a bürokratesch Hürden bei der Fäerdegstellung e bëssen hannendra gehäit. Zesumme mam Bedreiwler HPPA wäerte mir alles dru setzen dass de Projet esou séier wéi méiglech fäerdeg gött an a Betrib geholl ka ginn.
- E Senioren-Taxi oder Ruffbus gött agefuert, z. B. fir e Rendez-vous beim Dokter, fir an de Supermarché oder an aner Geschäfte.

## POUR NOS SENIORS

Nous encourageons et promouvons la participation active de nos aînés à la vie sociale dans nos villages.

- Le «Treff», lieu de rencontre entre les générations, a bien évolué avec 3.000 jours de visite en 2022. Les activités du «Treff» seront développées en fonction des demandes de programmation des visiteurs.
- Le centre intégré pour personnes âgées CIPA et les appartements encadrés adjacents sont actuellement en construction. Des problèmes de livraison et des obstacles administratifs ont malheureusement quelque peu retardé l'achèvement. Ensemble avec l'exploitant HPPA, nous ferons pression pour que la mise en service ait lieu le plus rapidement possible.
- Un service de taxi ou bus à la demande sera mis en place, notamment pour les visites chez le médecin et les courses.



# ENG LIEWEG GEMENG

UNE COMMUNE VIVANTE

## VERÄINER

D'Veräiner sinn d'Basis vum soziale Liewen an eisen Dierfer. Si verdéngen a brauchen och weiderhin d'Ënnerstëtzung vun der Gemeng.

- Mir wäerten d'Veräiner weiderhin beschtméiglech ënnerstëtzen a fir gutt an zäitgeméiss Infrastrukture suergen.
- Mir bauen een neie Prouf- a Versammlungssall fir d'Harmonie Äischen, dee mir op Basis vun engem Architektheconcours 2022 mam Veräin zesammen erausgesicht hunn.
- Mir bauen een neie Festsall zu Simmer. Dësen ersetzt den "Härenhaff" deen an d'Schoul integréiert gëtt.
- Mir bauen eng Hal fir d'Material vun de Veräiner ze lagere.
- Fir Manifestatiounen am Fräien: Zap- Kill- a Spullwon, Zelter, Becheren a Besteck déi een ëfters ka benotzen (Offallvermeidung).
- Eng iwwerdeckte Grillplaz.
- Publicitéit fir d'Veräiner an hier Aktivitéiten: Gemenge-Websäit, Broschür "Veräiner", "Dag vun de Veräiner".

## POUR NOS CLUBS

Les associations sont essentielles à la vie sociale dans nos localités. Elles méritent le soutien de la commune.

- Nous continuerons à soutenir au mieux nos associations et de mettre à leur disposition des infrastructures modernes et bien entretenues.
- Une nouvelle salle de répétition et de réunion pour l'Harmonie d'Eischen sera construite sur la base du concours d'architectes de 2022 évalué ensemble avec l'association.
- Une nouvelle salle polyvalente à construire à Septfontaines remplacera le «Härenhaff» qui sera fonctionnellement intégré dans l'école.
- Nous construirons un hall de stockage pour les associations.
- Pour les fêtes en extérieur organisées par les associations: frigos, débits de boissons et lave-vaisselle sur remorque, tentes, gobelets et couverts réutilisables (réduction des déchets).
- Espace barbecue couvert.
- Présentation des associations et de leurs activités: site web de la commune, brochure, «Journée des associations locales».



## KULTUR

Mir ënnerstëtzen eng kreativ a lieweg kulturell Offer.

- D’Konschtausstellung, déi 2022 organiséiert gi war, gëtt regelméisseg widderholl.
- Mir si fir Konscht an ëffentleche Gebaier an op ëffentleche Plazen.
- Den UNION Sall zu Habscht, deen rezent als modernen Theatersall ëmgebaut gouf, steet all lokal Veräiner, Schoulen a Maisons Relais zur Verfügung.
- Zesumme mat eiser Kulturkommissioun ënnerstëtze mir d’Opstelle vun engem ambitiëse kulturelle Programm.
- Kinosowenter.
- Präis fir kulturell Verdéngschter.

## CULTURE

Nous promovons une offre culturelle vivante et créative.

- L’exposition d’art organisée en 2022 sera répétée régulièrement.
- Nous promovons l’art dans les lieux et les espaces publics.
- La salle UNION à Hobscheid nouvellement réaménagée est à la disposition de toutes les associations locales ainsi que des écoles et des maisons relais.
- En collaboration avec la commission communale de la Culture, nous soutenons les associations locales dans l’élaboration d’un programme culturel ambitieux.
- Soirées cinéma.
- Introduction d’un Prix du mérite culturel.



## SPORT

Mir wäerten eis weiderhi fir eng interessant Offer u Sportsaktivitéiten asetzen an déi lokal Sportsveräiner materiell a finanziell ënnerstëtzen.

- Een neie Sportzenter mat Kloterwand gëtt nieft d'Äischener Schoul gebaut.
- Op der selwechter Plaz baue mir och eng Schwämm. Ausserhalb vun de Schoulsportstonnen wäert dës Anlag fir all Awunner zougänglech sinn.
- D'Sportoffer an de Maisons Relais gëtt weider ausgebaut, an dat an Zesummenaarbecht mat der lokaler Sektioon vun der LASEP.
- Den neie Festsall, deen zu Simmer gebaut gëtt fir den Härenhaff ze ersetzen, soll ënner anerem och fir de Schoulsport genotzt ginn.
- Zesumme mat de Veräiner gëtt en Transport vun de Maisons Relais op d'Traininge vun de lokale Sportsveräiner organiséiert.

## SPORT


Nous continuerons à nous engager pour une offre intéressante en matière d'infrastructures sportives et à soutenir les acteurs locaux sur le plan matériel et financier.

- Un nouveau centre sportif sera créé près de l'école d'Eischen (avec mur d'escalade).
- Au même endroit, nous construirons une piscine scolaire. En dehors des périodes de sport scolaire, les installations seront accessibles à tous les habitants.
- L'offre sportive dans les maisons relais sera développée, également en collaboration avec la section locale de la LASEP.
- La nouvelle salle polyvalente qui sera créée à Septfontaines en remplacement du «Härenhaff» servira également au sport scolaire.
- Un service de transport depuis les maisons relais vers les lieux d'entraînements des clubs sportifs sera organisé en collaboration avec les associations.



# **SOZIALPOLITIK** **A BEZUELBARE WUNNRAUM**

POLITIQUE SOCIALE ET LOGEMENT ABORDABLE



- D'Énergieprimm, déi 2022 agefouert gouf, gëtt un d'Präisdeierecht ugepasst a wa néideg erhéicht.
- Dat selwecht gëllt och fir d'Studenteprimmen.
- Mir schafe weider Sozialwunnengen fir ze lounen, mat Prioritéit fir d'Bierger aus eiser Gemeng.
- D'Lotissement mat bezuelbarem/abordablem Wunnraum wat zu Äischen (rue du Bois) geplangt ass, wäert esou séier wéi méiglech realiséiert ginn (Mëschung vu Verkauf a Locatioun, Eefamilljenhaiser an Appartementer). E wichtegt Ziel ass et der jonker Generatioun d'Méiglechkeet ze ginn, an hirer Gemeng wunnen ze bleiwen.
- Zousätzlech sozial/bezuelbar Wunnensprojete ginn entwéckelt.
- Wunnenge fir Studenten oder jonk Erwuessener eventuell och a Form vu Wunnengemeinschaften sollen entstoen.
- La prime énergie introduite en 2022 sera adaptée à l'évolution des prix et augmentée si nécessaire.
- Il en va de même pour les primes pour étudiants.
- Le nombre de logements sociaux locatifs sera augmenté, avec priorité aux habitants de notre commune.
- Le lotissement avec des logements à prix abordable, prévu à Eischen (rue du Bois) sera réalisé dans les plus brefs délais (mélange de ventes et locations, maisons unifamiliales et appartements).
- D'autres projets de logements sociaux/abordables seront développés.
- Des logements pour étudiants ou jeunes adultes, éventuellement sous forme de colocation, seront créés.



# **MOBILITÉIT** **A VERKÉIERSBEROUEGUNG**

MOBILITÉ ET APAISEMENT DE LA CIRCULATION



### MOBILITÉIT

- Mir setzen ons weider fir en attraktiven RGTR-Reseau an, mat zousätzleche Busarrêten a Bushaisercher.
- De Service „Nightrider-Bus“ gëtt vun der Gemeng subventionéiert.
- Een Taxi oder Ruffbus fir eis Senioren gëtt agefuert.
- Aféiere vu Locatiounsautoen (Carpooling, z.B. Flex/CFL) a Locatiounsvëloen.
- Schafung vun zousätzleche Parkplazen am Zentrum vun den Dierfer.
- Zousätzlech elektresch Opluetstatiounen.
- Vëlosstänneren a Vëlosboxen fir ee séchert Ofstelle vum Vëlo beim Wiessel op den ëffentlechen Transport.

### MOBILITÉ

- Nous continuerons à intervenir pour un réseau RGTR attractif, avec des arrêts et des abribus supplémentaires.
- Un service «Nightrider» subventionné par la commune sera introduit.
- Taxi/bus à la demande pour nos seniors.
- Introduction du carpooling (par ex. Flex/CFL) et location de vélos.
- Création de places de stationnement supplémentaires dans les centres des localités.
- Bornes de recharge électrique supplémentaires.
- Supports pour vélos et boîtes à vélos pour un stationnement sûr lors du passage aux transports publics.



### VĒLOPISTEN

- Am Kader vun der Erneuerung vun der Duerchgangstrooss zu Habscht (Phas 2) ass eng Vëlospiste geplangt. Ufank vun den Aarbechten ass Mëtt 2023.
- Mir wëlle sécher Vëlosweeër tëscht eisen Uertschaften schafen, zum Beispill tëscht Habscht a Simmer oder tëscht Gräisch a Simmer.
- Leider konnt de Projet fir e Vëlos- a Foussgängerwee tëscht Habscht an Äischen duerch de Widderstand vun e puer Besëtzer bis elo net realiséiert ginn. Allerdéngs gouf en Accord fir 80% vun den Terrainen erreecht. Mir wäerten alles maache fir déi néideg Autorisatiounen ze kréien an de Projet sou séier wéi méiglech ofzeschléissen.

### PISTES CYCLABLES

- Une piste cyclable est prévue dans le projet de rénovation de la traversée de Hobscheid (phase 2) qui débutera mi-2023.
- Nous envisageons des liaisons cyclables sécurisées entre nos localités, par exemple entre Hobscheid et Septfontaines ou entre Greisch et Septfontaines.
- Le projet de piste cyclable et piétonnière entre Hobscheid et Eischen n'a malheureusement pas encore abouti en raison de l'opposition de quelques propriétaires. Un accord a pu être trouvé pour 80% des terrains. Nous mettrons tout en œuvre pour obtenir les autorisations nécessaires et réaliser le projet.



### VERKÉIERSSÉCHERHEET A VERKÉIERSBEROUEGUNG

- Eng berodend kommunal Verkéierskommissioun gëtt agesat déi d'Problematik „Verkéier“ systematesch begleet an Upassunge vum kommunale Verkéiersreglement virbereet.
- Strukturell Moosnamen a Reglementer sollen duerfir suergen dass eis Uertschaften net méi als Schläichweeër benotzt ginn. Mir wäerten och an Zukunft versichen mat de staatlechen Autoritéiten regional Léisungen an deem Sënn ze fannen.
- No der kierzlecher Aféierung vun 30er Zonen op alle Gemengestroossen, wäerte mir eis och an Zukunft bei de staatlechen Autoritéite fir Verkéiersberouegungsmoosnamen op de Staatsstroossen (méi schmuel, 30km/h), wéi z.B. zu Simmer bei der Schoul oder am Zentrum vun Äischen asetzen.
- Verkéiersberouegend Moosname gi systematesch geplangt wa Stroossen erneiert ginn. Fir d'Duerchgangstrooss Habscht Phas 2 Richtung Kräitzebuech, d'Phas 3 Richtung Stengefort, d'Käercherstrooss zu Habscht an d'Groussgaass zu Äischen ginn dës am Moment ausgeschafft.
- Zousätzlech Beliichtung vu Foussgängersträifen.

### SÉCURITÉ ROUTIÈRE ET APAISEMENT DU TRAFIC

- Mise en place d'une commission communale de la circulation qui analysera systématiquement le sujet et proposera les adaptations nécessaires au règlement communal de circulation.
- Pour éviter la traversée de nos villages en tant que voie alternative aux routes principales lors des heures de pointe, nous procéderons à des aménagements constructifs et/ou réglementaires. Nous interviendrons en ce sens également auprès des instances étatiques pour dégager des solutions cohérentes au niveau régional.
- Après l'introduction récente de zones 30 sur toutes les routes communales, nous continuerons à nous engager auprès des administrations compétentes pour des mesures de modération du trafic sur les routes étatiques (rétrécissement, 30km/heure), comme p.ex. à Septfontaines à la hauteur de l'école et au centre d'Eischen.
- Mesures systématiques d'apaisement du trafic lors de la rénovation des routes. Des travaux sont actuellement planifiés notamment dans la traversée de Hobscheid phase 2 vers Kreuzerbuech et phase 3 vers Steinfort, dans la rue de Koerich à Hobscheid et dans la Grand-rue à Eischen)
- Éclairage des passages piétons.



# **ENTWÉCKLUNG** **AN URBANISMUS**

DÉVELOPPEMENT ET URBANISME

D'Basis vum Bebauungsplang (PAG) vun 2022 ass nohaltege limitéierte Wuesstem, de Schutz vun den historesche Gebaier a vun den natierleche Ressourcen. Dat soll och an Zukunft d'Orientéierung bleiwen.

- Mir passen de PAG an d'Bautereglement reegelméisseg un déi neitst Normen a Standarden beim Bauen un.
- Wunnengen mat limitéierter Fläch ("Tiny Houses") si fir ons eng Alternativ bei der Schafung vun erschwénglechem Wunnraum. Si mussen sech awer harmonesch an de Quartier afügen.
- Op der Plaz vun der aktueller Sportshal zu Äischen (neit Gebai geplangt: kuckt ënnert Sport/Schoul) wëlle mir e Wunnquartier mat bezuelbare Wunnengen bauen.
- Dat gëllt och fir de Site vum "Cleesschapp" zu Äischen, wou e Logementsprojet mat Commerce aktuell an der Ausschaffung ass.

Le plan d'aménagement général (PAG) adopté en 2022 est basé sur la volonté d'un développement durable avec accroissement limité de la population, la protection du patrimoine bâti historique et des ressources naturelles. Pour nous, c'est également l'orientation à suivre pour les années à venir.

- Nous adapterons si nécessaire le PAG et le règlement des bâtisses afin de les tenir à jour avec les normes et standards les plus récents.
- Nous sommes favorables à l'autorisation d'habitations à surface réduite («tiny houses»), tout en veillant à une intégration harmonieuse dans le quartier.
- Nous envisageons la création d'un nouveau quartier d'habitation (logements à prix abordable) sur le site de l'actuel hall sportif d'Äischen (nouveau centre sportif prévu, voir sous: sport/école).
- Cela vaut aussi pour le site «Cleesschapp» à Äischen, où un projet de construction de logements avec des surfaces commerciales est en cours d'élaboration.



# **KLIMA** **AN ËMWELT**

CLIMAT ET ENVIRONNEMENT

Klima- an Ëmweltschutz, d'Erhale vun der Natur si fir eis wichtig Themen, wou mir eng grouss Verantwortung vis-à-vis vun zukünftege Generatiounen hunn déi mir och weiderhin iwwerhuele wëllen, mat Pragmatismus a Realismus, an Zesummenaarbecht mat der Landwirtschaft an hirer wesentlecher Roll bei der Produktioun vu regionalen a gesunde Liewensmëttel.

## NOHALTEGKEET

- Stärkung vum «Klimatteam» als berodend Gremium.
- Ënnerstëtzung fir Photovoltaik a private Projeten (Upassung vun de Gemengesubsiden).
- Zousätzlech Photovoltaik-Anlagen op de Gemengegebaier.
- Mir kënnen Projete mat Wandrieder nëmmen guttheeschen, wann doduerch keng Belästegungen a besonnesch kee Kaméidi fir eis Awunner entstinn.
- Ofschloss vum Programm fir déi traditionell Stroossebeliichtung duerch LEDs ze ersetzen.
- Lokal, regional a Bio Produkter an de Maisons Relaisen an an de Crèchen (Qualitéitslabel «Natur genéissen»).
- Verkafsstänn oder Maart fir lokal produzéiert Produiten.
- Ëmsetzung vun Naturschutzprojeten duerch de Syndikat SICONA (Blummewisen, Uebstbeem, Dréchewisen, Erweiterung vum Schoulgaart, Sensibiliséierungscampagnen...).
- Systematesch Notzung vum Reewaasser, Solarenergie, Holzhackschnëtzelheizung, natierlechem Isolatiounsmaterial, asw bei öffentleche Projeten an a Lotissementsprojeten (PAP).
- Vermeide vu Liichtverschmutzung (dimmbare öffentlech Beliichtung ...).

La protection de l'environnement, de la nature et du climat est une responsabilité envers les générations futures que nous continuerons à assumer avec pragmatisme et réalisme, en coopération avec les agriculteurs dans le respect de leur rôle essentiel pour la production d'aliments sains et régionaux.

## DURABILITÉ

- Renforcement du rôle du «Klimatteam» en tant qu'organe consultatif.
- Soutien du photovoltaïque dans les projets privés (adaptation des subventions communales).
- Installations photovoltaïques supplémentaires sur les bâtiments communaux.
- Des projets d'éoliennes ne recevront notre aval qu'à la condition expresse que des nuisances notamment sonores puissent être exclues pour nos habitants.
- Remplacement de l'éclairage public classique par des LED (achèvement du programme pluriannuel).
- Produits locaux, régionaux et bio dans les maisons relais et les crèches (label de qualité SICONA «Natur genéissen»).
- Stands de vente ou marché de produits fabriqués localement.
- Mise en place de projets de protection de la nature par le syndicat SICONA (prairies fleuries, arbres fruitiers, prairies sèches, aménagement de jardins scolaires, actions de sensibilisation...).
- Dans les projets de bâtiments communaux et de lotissements (PAP): récupération des eaux de pluie, utilisation de l'énergie solaire, chauffage au bois, isolants naturels...
- Eviter la pollution lumineuse (éclairage public à intensité variable...).



### OFFALLVERMEIDUNG A RECYCLING

- Initiativë géint Verbëtze vun natierleche Ressourcen: Aféiere vun engem “Reparaturcafé”, Sensibiliséierung fir den Upcycling, Second-Hand Mäert, “Give-Boxen”.
- Mir wëllen d’Asammele vum Offall an der Gemeng harmoniséieren op Basis vum System deen elo zu Äischen an zu Habscht gutt funktionéiert. Laut dem neien Offallgesetz vum 9. Juni 2022 kann all Bierger säi verwäertbaren Offall an all Recyclingzenter am Land ofginn. Opgrond vun dëser neier gesetzlecher Situatioun gesi mir kee Grund fir d’Uertschaften Äischen an Habscht dem SICA-Offallsyndikat unzeschléissen. Dëst wier mat zousätzlechen grouse Käschte verbonnen a géif eng Erhéijung vun den Taxen fir d’Bierger mat sech bréngen.
- Mir wäerten de lokale Recyclingzenter (Öffnungszäiten an Infrastruktur) ausbauen, sou dass mir och weiderhin dëse Service no bei eise Bierger ubidde kënnen.

### PRÉVENTION ET RECYCLAGE DES DÉCHETS

- Initiatives contre le gaspillage des ressources : mise en place d’un atelier de réparation, sensibilisation à l’upcycling, marchés second-hand, « give-boxes ».
- Nous voulons harmoniser le service de collecte des déchets dans la commune sur la base du système qui fonctionne actuellement à Eischen et Hobscheid. En vertu de la nouvelle loi sur les déchets du 9 juin 2022, chaque citoyen peut déposer les déchets à recycler dans n’importe quel centre de recyclage du pays. En raison de cette nouvelle législation, nous ne voyons pas d’intérêt à faire adhérer également les localités d’Eischen et de Hobscheid au syndicat de collecte de déchets SICA, ce qui entraînerait inévitablement des coûts supplémentaires considérables et une augmentation des taxes pour nos citoyens.
- Nous développerons notre service de recyclage de proximité (heures d’ouverture et infrastructure).



### **DRÉNKWAASSER**

Mir suerge weider fir séchert Drénkwaasser, sief et vum Waassersyndicat SES oder aus kommunale Quellen.

- En neie Waasserreservoir fir Habscht an Äischen gëtt gebaut fir Qualitéit a Quantitéit och an Zukunft ze garantéieren (D'Simmer-Infrastrukture si viru kuerzem erneiert ginn).
- Sensibiliséierung fir d'Drénke vu Krunnewaasser.

### **RENATURÉIERUNG AN HÉICHWAASSERSCHUTZ**

- Op der Héicht vum CIPA gëtt den Ament d'Äisch renaturéiert. Dëst verbessert net nëmmen hiren ökologeschen Zoustand, mee ass och eng zousätzlech Moosnam fir den Iwwerschwemmungsrisiko am Duerfkär vun Äischen ze limitéieren.
- Den Amenagement ronderëm dat neit Gebai "Harmonie" (kuckt ënnert: Veräiner) erlaabt eis weider zousätzlech Mesuren géint Héichwaasser.

### **EAU POTABLE**

Nous continuerons à assurer la distribution d'une eau potable irréprochable, qu'elle soit fournie par le syndicat des eaux SES ou par les sources communales.

- Un nouveau réservoir d'eau pour Hobscheid et Eischen sera construit afin de garantir également à l'avenir la qualité et la quantité d'eau potable. Les infrastructures de Septfontaines ont été renouvelées récemment.
- Actions de sensibilisation pour boire l'eau du robinet.

### **RENATURATION ET PROTECTION CONTRE LES INONDATIONS**

- Le projet de renaturation de l'Eisch actuellement en cours à hauteur du CIPA améliore non seulement l'état écologique de la rivière mais constitue aussi une mesure de limitation des risques d'inondation au centre de la localité.
- L'aménagement des alentours du nouveau bâtiment «Harmonie» à Eischen (voir sous associations) sera mis à profit pour la réalisation d'autres mesures anticrues.



# **SÉCHERHEET** **A GESONDHEET**

SÉCURITÉ ET SANTÉ



- Mir ënnerstëtzen weiderhin de lokale Rettungszenter vum staatleche CGDIS, besonnesch am Beräich vun der Jugendarbecht, aus Respekt an Unerkennung fir den Engagement vun de ville lokale Fräiwëllegen.
- Mir setzen ons fir d'Schafung vun enger Apdikt an eiser Gemeng an.
- Mir ënnerstëtzen d'Installatioun vun Dokteren an aneren medezinesche Beruffer an onser Gemeng. Wann néideg stelle mir d'Lokalitéiten fir eng "Maison médicale" an engem Gemengegebai zur Verfügung.
- Sensibiliséierungsaktiounen zum Thema Gesondheet a Fitness, an Zesummenaarbecht mam "Treff" an de Gemengekommissiounen.
- Fitness Geräter op ëffentleche Plazen a laanscht den Trëppelweeër.
- Sensibiliséierungs- a Sonneschutzinitiativen an de Summerméint (Sonnecrèmespender op ëffentleche Plazen...).
- Promotion du bénévolat, en particulier auprès des jeunes, dans le cadre du centre de secours local du CGDIS.
- Nous promovons l'implantation d'une pharmacie dans notre commune.
- Nous continuerons à soutenir l'installation de services médicaux et de santé dans nos localités. En cas de besoin, nous sommes favorables à l'installation d'une maison médicale dans un bâtiment de la commune.
- Actions de sensibilisation sur le thème de la santé et du fitness, en collaboration avec le «Treff» et les commissions communales.
- Équipements de fitness dans les espaces publics et sur les sentiers pédestres.
- Sensibilisation pour la protection solaire (distributeurs de crème solaire sur les places publiques...).



# ***GESCHÄFTER*** ***AN TOURISMUS***

COMMERCE ET TOURISME

**Mir wëlle Konditioune schafe fir méi kommerziell Aktivitéiten an eisen Uertschaften.**

- Mir setzen eis fir ee “Supermarché de proximité” an der Gemeng an.
- Zu Simmer an dem Gebai nieft der Schoul / der Kierch, wat kierzlech vun der Gemeng kaaft gouf, ass am aktuell lafenden Architektoconcours virgesinn, e Bistro/Restaurant anzeriichten.

**D’Natur an den historesche Patrimoine an onser Gemeng si wäertvoll an interessant fir Visiteuren an Awunner.**

- Informatiouns-Tafelen iwwer d’Natur an d’Regioun ginn laanscht d’Wander- an d’Vëlosweeër opgestallt.
- Hëllef an Ënnerstëtzung fir de lokalen Horesca Beräich ze erhalen an auszebauen.
- Mir setzen ons an, dass d’Simmer Buerg déi als nationaalt Monument klasséiert ass, an ëffentlech Hand kënnt an esou als lokal historesche Patrimoine fir d’Allgemengheet zougänglech gëtt. Mir hunn e Konzept fir d’Notzung an déi kulturell Opwäertung ausgeschafft an dëst dem Kulturministère ënnerbreet.

**Nous soutenons le développement d’activités commerciales dans nos villages.**

- Nous promovons l’installation d’un supermarché de proximité dans la commune.
- L’installation d’un bistrot/restaurant est prévue dans la maison acquise par la commune à Septfontaines, à côté de l’école et de l’église (concours d’architecture en cours).

**L’environnement naturel et le patrimoine historique sont des atouts de la commune dont profitent les visiteurs et les habitants.**

- Sentiers pédestres et pistes cyclables : mise en place de panneaux d’information sur le patrimoine environnemental et historique de la commune, équipements de fitness.
- Soutien et développement du secteur Horeca.
- Nous nous efforcerons à ce que le château de Septfontaines, classé monument national, passe en main publique et devienne ainsi accessible. Nous avons élaboré un concept d’utilisation et de valorisation et l’avons soumis au ministère de la Culture aux fins de soutien financier.



CHRÛSCHTLECH-SOZIAL VOLLEKSPARTEI

CSV

LÛSCHT  
4

HOFFMANN Serge		
BOULANGER-HOFFMANN Chantal		
CARELLI Jimmy		
EWEN Patricia		
KONEN Conny		
KONZ Pol		
KRIER Stephan		
MOES Carlo		
MOSEL-KNEIP Astrid		
WELTER-KARGER Diane		
ZIGRAND Nello		



[habscht.csv.lu](https://habscht.csv.lu)



CSV Gemeng Habscht